

Lëtzebuerg, den 29. Juli 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden:

„Viru Joren war zu Biissen an der Industriezon en „Automotive Campus“ geplangt, eng Aart Ecosystem am Beräich vun der Mobilitéit, wou Synergien tëscht ënnerschiddlechen Acteuren geschaf sollte ginn an d’Fuerschung an Innovatioun am Zentrum sollte stoen. An der Tëschenzäit ass de Projet an en „Innovation Campus“ ofgewandelt ginn.

Déi Plaz huet effektiv quasi perfekt Viraussetzungen, vu dass se zentral geleeën a gutt uegobonn ass, den Terrain dem Staat gehéiert an u sech relativ direkt bebaut kéint ginn. Allerdéngs muss ee feststellen, dass sech an de leschte Jore relativ wéineg op dësem Site gedoen huet.

An deem Kader wollte mir dem Här Wirtschaftsminister folgend Froe stellen:

- *Wéi vill Firmen sinn aktuell op dësem Site implantéiert? Wéi vill sinn der an de lëschte fënnef Joer derbäi komm?*
- *Mat wéi ville Firmen ass den Här Minister am Gespréich fir se dohinner ze kréien?*
- *Wat sinn d’Grënn, dass d’Entwécklung vum Site bis elo net virugaangen ass?*
- *Hält den Här Minister un der Iddi vu engem „Innovation Campus“ fest? Wat ass dat geneet Konzept fir de Site?*


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07


dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Wéi eng Efforten mécht den Här Minister fir de Site no de Prinzipie vun dësem Konzept z 'entwéckelen? "*

Mat déiwem Respekt,



Claude LAMBERTY
Deputéierten



André BAULER
Deputéierten